| | BAMBINIS U7 | PUPILLES U9 |
|---|---|---|
| JOERGANG | 5 Joer (2016)<br>6 Joer (2015) | 7 Joer (2014)<br>8 Joer (2013) |
| SPILL-MODUS | **3 vs 3** | **4 vs 4**<br>**(+ Goalkeeper)** |
| GOAL-KEEPER | ✗ | ✓ |
| SPILLER | 6 - 10 | 6 - 10 |
| DAUER | Spilldauer<br>3 x 15 min.<br>Pausen<br>2 x 5 min. | Spilldauer<br>3 x 17 min.<br>Pausen<br>2 x 5 min. |
| GRÉISST | 25 m x 15 m<br>*(Länge x Breite)* | 35 m x 25 m<br>*(Länge x Breite)* |
| STROF-RAUM | ✗ | 7 m x 25 m<br>*(Länge x Breite)* |
| STROF-STOUSS | ✗ | ✓<br>*(op 7 m)* |
| BALL | Gréisst<br>3 oder 4 | Gréisst<br>4 |
| GOALER | Bambinisgoaler<br>*oder*<br>Stangen (+-2 m) | Breet: 5 m<br>Héischt: 2 m |
| ARBITTER | ✗ | ✗ |
| ABSEITS | ✗ | ✗ |
| WIESSEL | Volants | Volants |
| GIEL KAART | ✗ | ✗ |
| GIEL-ROUT KAART | ✗ | ✗ |
| ROUT KAART | ✗ | ✗ |
| COUPE-MATCH | ✗ | ✗ |

# Spillmodus Bambinis [U7]







- Bambinis-Spilldeeg ginn Samschdes an Turnéierform, mat véier Equipen, gespillt.
- D'Präsens vun engem Jugendleiter pro Equipe ass obligatoresch, déi vun engem Trainer net.
- Falls keng Bambinisgoaler zur Verfügung stinn, kënne Goaler aus Pottoen oder Hittercher (Distanz: +- 2m) geformt ginn.
- Duerch eng Pass oder eng offensiv Ballféierung gëtt ugestouss.
- Goaler kënnen just an der géigenerescher Hallschent geschoss ginn.
- Awërf ginn duerch Erandribbelen ersat.
- Den Ofstouss gëtt duerch (säitlecht) Erandribbelen ersat.
- De Korner gëtt duerch säitlecht Erandribbelen ersat.

Zousätzlech Informatiounen zum Spillmodus Bambinis [U7] fannt dir op dem offiziellen Site vun der FLF: https://flf.lu/Competitions/Informations.aspx.

# Spillmodus Pupilles [U9]







- Pupilles-Spilldeeg ginn Samschdes an Matchform gespillt.
- D'Präsens vun engem Jugendleiter pro Equipe ass obligatoresch, déi vun engem Trainer net.
- Duerch eng Pass oder eng offensiv Ballféierung gëtt ugestouss.
- Goaler kënnen just an der géignerescher Hallschent geschoss ginn.
- Awërf ginn duerch Erandribbelen ersat.
- Beim Ofstouss däerfen d'Géigner net an de Strofraum.
- Den Ofstouss däerf net iwwert d'Mëttellinn gespillt ginn.
- De Korner gëtt ersat duerch säitlecht Erandribbelen op der Strofraumgrenz.